



Mir ware schonn am Oktober 2020 géint dëse Pro-jet a mir si selbstverständlech och elo géint dës Verlängerung. Persounen a Schoule remplacéieren ze loossen, ouni datt hir Aptitude fir de Beruff an iergendenger Form iwwerpréift gëtt, ass fir eis inakzeptabel. Ganz egal wéi dréngend Personal gebraucht gëtt, näischt hätt dergéint geschwat, wéinstens e puer Formationsstonnen iwwert de Summer virzegesinn. An och e kleng Stage an den éischte Woche vun der Rentrée misst dra sinn.

Wann ech den Exposé des motifs hei nämlech rich-teg liesen, da geet et jo net dröms, datt déi nei Remplaçantë solle ganz Klassen iwwerhuelen, mee doröms, datt se zum Beispill sollen ënnerstëtzend an de Klassen agéieren, fir bei der Différenciatioun ze hëllefen.

Wär et da wierklech esou inakzeptabel, esou onméiglech, wann d'Enseignanten déi éischt zwou Wochen nach eleng an hire Klasse misste schaffen, wa se dofir ab der drëtter Woch dann awer eng Hël-lefskraaft géife kréien, déi e Minimum u Forma-tiounen an e kuerze Stage vun zwou Woche gepackt hätt?

Oder geet et hei awer dröms, datt dës Remplaçantë sollen eleng viru Klasse stoen, wat just am Exposé des motifs iwwersi gëtt, net betount gëtt? E ver-kierzte Stage wär den absolutte Minimum u Forma-tioun a Kontroll, deen ee misst verlaangen, wa Per-sounen a Bildungsrichtungen mat Kanner schaffe wëllen.

Leider huet de Minister sech awer derfir entscheet, dee lichte Wee ze goen a weiderhi jiddereen, deen eng Première huet a wëllt ersetze goen, einfach vun all Aart vu Formatioun a Stage ze dispenséieren. Dat ass jo och fir jidderee manner Aarbecht!

Mee dat war fir eis d'lescht Joer net akzeptabel an dat ass et och duerfir haut nach ëmmer net. Mir Piraten wäerten dëse Projet duerfir haut net mat-stëmmen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsmi-nister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Jo, merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech bieten eigentlech den Här Clement, nach eng Keier seng Positioun ze iwwerdenken, well ech wëll nach eng Keier ënnersträichen, ëm wat et eis eigentlech geet.

Mir haten elo ganz vill Leit, déi eis iwwert dat lescht Schouljoer gehollef hunn, jo, och emol Remplace-menter ze maachen, jo, och emol als zweeten Inter-venant ze kucken, datt an enger Klass méi staark kann differenziéiert ginn, datt mer déi sougenannte Covidretarde konnten ophuelen. Mir haten och en Deel vun deene Leit, déi mer, wéi mer eng Trennung zum Beispill mëtten an de Maison-relais vun den eenzelne Gruppen hu misse maachen, och dohinner konnte ginn. An dat war jo d'Motivatioun, firwat mer se agestallt hunn.

D'Fro, déi sech fir eis elo stellt, ass, ob mer déi Leit wëlle behalen. An ech soen: Jo, déi Leit, déi sech bewäert hunn, déi Leit, déi do eng gutt Aufgab gemaach hunn, déi Leit, wou mer net Reklamatioune kritt hu bei der Direktioun a wou d'Direktore soen: „Jo, déi doten, déi kënne mer eigentlech weiderhin dat dote maache loossen“, deene wëlle mer d'Chance ginn, op där enger Säit da bis de leschten Dezember déi Aufgab do kënne weiderzemaachen, a mir wëllen eis d'Chance ginn, se kënne ze behalen.

Ech hu virdru gesot: Mir wëssen net genee, a wat fir enger Situatioun datt mer sinn. Mir wëssen net genee, wéi et weidergeet mat Quarantänen. Mir wëssen net genee, wéi et weidergeet mat der Vulnerabilitéit vu schwangeren Enseignanteën zum Beispill. Mir wëssen nach viles net.

Mir wëssen awer, datt et e gewëssene Besoin gëtt, fir och nach weiderhi Covidretarde kënne opze-schaffen, an duerfir wëlle mer deene Leit, déi schonn en place waren, déi eng Expérience gesam-melt hunn, déi iwwert déi véier Woche Stage eraus-geet, d'Chance ginn, dee Kontrakt kënne ze verlän-geren. An nach eng Keier, nëmmen deenen, an ech wäert d'Direktioun wierklech bieten, nëmmen deenen elo eng Verlängerung ze proposéieren, déi sech dann och wierklech bewäert hunn.

Wann een dat consideréiert, mengen ech, kéint den Här Clement eigentlech och seng Bedenken iwwer-wannen an dann och hei dësem Projet de loi zou-stëmmen. All deenen anere wëll ech awer Merci soe fir d'Verständnis, datt se eis déi Méiglechkeet do ginn. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Meisch. Parole après ministre fir den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Jo, merci Här Pre-sident. Den Här Meisch huet Recht. Ech kann dat net anescht soen. En huet Recht, datt déi Leit, déi

sech bewäert hunn, méi wéi véier Woche Stage gemaach hunn. Datt déi Leit, déi sech bewäert hunn, solle verlängert ginn, contestéieren ech net.

Wat ech awer contestéieren ass, datt dat Gesetz, dat mer elo verlängeren, eeben och eng Dier opmécht, fir Leit nei ze rekrutéieren, Leit, déi sech net bewäert hunn. A genau déi hätt ee kënne an e kleng Stage schécken. An all déi, déi elo schonn do waren, deenen hätt een dat kënne unerkennen. Ech mengen, dat hätt ee kënne am Text esou virgesinn.

Mir hunn hei de Wee vun der Verlängerung gewielt, a vu datt et fir eis eng Verlängerung ass, déi fir eis eng Dier opmécht, déi mer net matgedroen hunn, wéi mer se agefouert hunn, kënne mer natierlech och konsequenterweis eng Verlängerung net mat-droen. Ech mengen, dat ass dat, wat een dann ënnert der Cohérence politique heiansdo versteet.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zum Vott vum de Projet de loi 7859. Den Text steet am Document parlementaire 7859².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7859 et dis-pense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Merci. Dann ass de Kont gutt an dëse Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen uegohll.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gilles Baum), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas (par M. Guy Arendt), Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Pim Knaff), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup) ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

5. Ordre du jour

Kolleginnen a Kollegen, et gëtt gefrot, datt mer géife mam Programm weiderfuere vun de Mëtteg. Ass d'Chamber domadder averstanen, fir bis plus/minus zwielef Auer weiderzefueren?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

6. 7565 - Projet de loi portant sur : 1° l'organisation et le fonctionnement de l'« École de Commerce et de Gestion - School of Business and Management » ; 2° l'intégration de l'offre scolaire de l'École Privée Grandjean et la reprise de son personnel

Da komme mer elo zum Projet de loi 7565 iwwert d'Organisatioun vun der École de Commerce et de Gestion - School of Business and Managment. D'Rie-dezäit ass nom Basismodell festgeluecht, a Rap-porter vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Claude Lamberty. An dee kritt direkt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

■ **M. Claude Lamberty** (*DP*), *rapporteur*.- Villmools merci, Här President. An och merci, dass Der all d'accord sidd, dass mer elo weiderfuere mam Pro-gramm. Dat spuert eis, mengen ech, de Mëtten eng gewëssen Zäit.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, et ass net alldeelech, dass een hei steet an dass een iwwer e Gesetzesprojet schwätzt, wou et dröms geet, dass een eng Schoul, hei d'École Privée Grandjean, quasi an eng aner Schoul, hei an dësem Fall den ECG, integréiert an d'Offer vu Schoulforma-tiounen an engem Lycée esou och ausgeweit gëtt.

Dat ass u sech e ganz spannenden an och interes-sante Projet an iwwert dee wäert ech lech elo hei e klengen Iwwerbléck ginn, wisou dat esou ass a wat dat bedeit, wann dann elo ab der Rentrée am Hierscht déi zwou Schoulen zesumme fonctionéieren.

Kucke mer awer kuerz no hannen. Besonnesch mat der Entwécklung vun der Lëtzebuerger Finanzplaz an de 70er-Joren ass ënner anerem de Besoin u Gestionnaires, u Banquieren, un Ekonomisten, u Kontabelen an natierlech nach anere Beruffer rapid an d'Luucht gaangen. Vu dass mir zu Lëtzebuerg also relativ séier relativ vill Aarbechtsplazen am Commerce, am Finanz- an am Bankesecteur, fir nëmmen déi ze nennen, geschaf hunn a mir dee-mools vill Knowhow gebraucht hunn, ass gekuckt ginn, fir déi Aarbechtskräften ze fannen, natierlech hei am Land, mee natierlech och am Ausland.

Gläichzäiteg huet awer och de Lëtzebuerger Schoulssystem missen ugepasst ginn, fir dem wirt-schaftleche Wandel kënne gerecht ze ginn an de Schüler hei am Land och besser Startchancen ze er-méiglechen. Am Joer 1968 gouf et zwar schonn eng éischt Optioun an de Sciences économiques et sociales vun der haiteger D-Section am Enseigne-ment secondaire, mee dës Formatioun huet haapt-sächlech drop geziilt, fir d'Schüler op en Héichschulstudium am Beräich vun den ekono-me-schen a soziale Wëssenschaften ze preparéieren.

Well den Inhalt vun dëser Formatioun also éischer theoreetesch war, konnten d'Schüler net déi néideg praktesch Erfarunge sammelen, déi u sech gesicht an awer och gebraucht goufen. Fir den Ufuerde-rung vum Aarbechtsmarché gerecht ze ginn, gouf dann eng nei Sektoun op den ieweschte Klasse vum Enseignement secondaire agefouert, nämlech d'Section administrative et commerciale.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Hei dernieft gouf am Joer 1974 en neie Lycée geschaaft, dee sech reng op d'Formatiounen am administrativen an ekonomesche Beräich an natier-lech op d'Besoinen am Commerce konzentréiert, d'École de Commerce et de Gestion. Mat dëser Kreatioun vum ECG konnt deemools eng grouss Nisch am Lëtzebuerger Schoulssystem gefëllt ginn, wou sech nach haut wierklech kann drun orientéiert ginn a wou nach haut dervu ka profitéiert ginn.

Den ECG bitt hautdesdaags am Enseignement se-condaire général Formatiounen un, déi op Gestiou, Kommunikatioun an Organisatioun ausgeluecht sinn a bilt domat e ganz wichtege Pilier an eiser Schoul-landschaft, dat souwuel fir d'Schüler an d'Schüle-rinne wéi och fir d'Entreprises dobaussen.

Doriwwer eraus ginn och BTS-Formatiounen ugebue-den, dat am Assistant de direction, Gestionnaire comptable et fiscal an och am Gestionnaire en com-merce et marketing. Den Ament ginn ausserdeem zwou Integratiounsklassen an och Owescoursen an der Formation des adultes am ECG organiséiert.

D'Schoul huet fir d'Zukunft am Beräich Finanzfor-matioun, Entrepreneariat an Administratioun een Zil virun An, nämlech den ECG als Referenzschoul fir ekonomesch, administrativ a kommerziell Forma-tiounen ze positionéieren.

Fir dat Zil ze erreechen, gëtt an engem éischte Punkt an dësem Text haut hei proposéiert, fir d'Of-fer vum Lycée weider auszubauen. Am Secondaire général soll d'Sektoun „Finances“ bäigesat ginn an am Secondaire classique d'Sektoun „Entrepreneu-riat et administration“. An Zukunft sollen och nach zwee BTSen derbäikommen, den Assistant juri-dique an de Gestionnaire financier.

Och wat d'Erwuessenebildung betrëfft, sollen zou-sätzlech Coursen ugebuede ginn.

Dir gesitt also, léif Kollegen a Kolleginnen: De Besoin vun haut a vu muer gëtt mat dëser Offer Rechnung gedroen an d'Schüler kréie mat dëse Méiglechkeeten nach besser Chancen, fir den Eraus-fuerderunge vu muer, déi an dësem Sektour um Aar-bechtsmarché gefrot ginn, gerecht kënne ze ginn.

Beim zweete Punkt vun dësem Projet de loi geet et ëm d'Integratioun, wéi ech et virdru gesot hunn, vun enger Schoul, der École Privée Grandjean, an d'École de Commerce um Geeseknäppchen.

D'École Privée Grandjean forméiert all Joer zirka 150 Schüler an de Beräicher vum Marketing, der In-formatik an der Gestiou. D'Schoul kritt staatlech Subventiounen a gëtt iwwer eng ASBL dirigéiert. D'Raimlechkeeten an der Rue Adolphe Fischer sinn haut allerdéngs - an dat net just eréischt säit haut, mee schonn eng ganz Zäitchen - ze enk, ze kleng, fir d'Schüler mat deem néidege Confort kënne ze empfänken. Eng Vergrësserung vun der Schoul war an ass net méiglech. An en neie Standuert fir d'Schoul, dës Privatschoul, war keng Optioun.

Et ass also drëm gaange fir ze kucken, wat ee mat enger gutt fonctionéierender Schoul - an dat muss ee betounen - hei am Land, déi riskéiert ganz ze verschwannen, ka maachen a besonnesch fir déi 150 Schüler, déi eng gutt Formatioun genéissen, net virun zouenen Diere stoen ze hunn. An natier-lech zielt dat och fir déi knapp zéng Leit u Personal.

Et konnt dunn eng Léisung fonnt ginn, déi fir jidderee vu Virdeel dierft sinn. Unhand vun dësem Gesetzesprojet sollen d'Schüler an d'Ausbildung ab der nächster Rentrée nämlech an den ECG inte-gréiert ginn. An Zukunft wäert den ECG also och Klassen ubidden, déi nom franséische System fonc-tionéieren. D'STMG-Formatioun, also d'Sciences et technologies du management et de la gestion, wäert vum ECG iwwerholl ginn. Well de Programm vun der STMG-Formatioun sech op Beräicher vum Management a vun der Gestiou konzentréiert, passt se perfekt bei d'Schouloffer a bei d'Philoso-phie, déi am ECG virherrscht.

Wéi Der gesitt, ass et also net en Zoufall, dass de Ministère sech fir den ECG fir d'Reprise vun dëser Sektoun ausgeschwat huet. Souwuel d'Schüler wéi och d'Personal vun der École Privée Grandjean wäerten also schonn an dësem September op de Campus Geeseknäppche plënnere.

E Wuert zum Personal: Net nëmmen d'Schüler, wéi ech gesot hunn, mee och d'Personal vun der Pri-vatschoul wäerten am Hierscht am ECG hir Coursen ubidden. Mir schwätzen hei net emol vun zéng Leit, an awer, mengen ech, ass et richtig, fir souwuel de Schüler wéi den Enseignanten, déi bis elo do geschafft hunn, eng Perspektiv kënne ze bidden, fir dass déi Formatiounen och weiderhi kënne uge-buede gi fir dës Schüler.

Mir haten an der Kommissioun eng Rei gutt pro-duktiv, heiansdo och licht streidereg Diskussioun-en. Am Ufank war et och net ganz kloer, wéi genee déi Reprise elo sollt organiséiert sinn, fir net eng Inégalité tëscht Enseignanten oder Chargéen aus dem Lëtzebuerger Schoulssystem par rapport zu den Enseignanten, déi elo iwwerholl ginn, ze schafen.

Déi Diskussiounen waren awer produktiv a se hu sech am Endeffekt och haaptsächlech ronderëm d'Sproochenuefuerderunge gedréit.

Nodeems verschidde Pisten diskutéiert goufen an nodeems och souwuel d'Chambres profession-nelles wéi och de Staatsrot dëse Punkt opgeworf hunn, mat der Meenung, déi geplangten Deroga-tiounen kéinten zu Ongerechtegkeeten tëscht den Enseignanten aus dem Grandjean an deenen aus den éffentleche Schoule féieren an nodeem de Staatsrot och am Ganzen zwou Oppositions for-melles ausgeschwat hat mat der Begrënnung, dass zum Beispill den Artikel 4 vum Projet de loi géint de Prinzip vun der Égalité devant la loi géif verstous-sen an esou eng Insécurité juridique géif entstoen, gouf am Endeffekt, an dat ass dat Wichtegt, eng Léisung fonnt, déi, mengen ech, sécherstellt, dass all Mënsch kann zefridde sinn.

Fir all Form vun Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Mee et kann een awer soen, an dat gouf virgësch och nach eemol an der Edu-catiounskommissioun preziséiert: D'Enseignantë vum aktuelle Grandjean ginn iwwerholl, mee wäerten nëmmen - an dat ass wichteg: nëmmen! - op Klasse vum franséische Schoulssystem dierfen enseignéie-ren.

Här President, d'Integratioun vun der École Privée Grandjean an d'École de Commerce et de Gestion schaaft souwuel fir d'Schüler wéi och fir d'Personal vun der Privatschoul Perspektiven. Engersäits bitt den ECG de Schüler vum Grandjean nei Opportunitéi-ten, fir sech ze developpéieren an nach méi interes-sant um Aarbechtsmarché ze ginn, anersäits ginn déi berufflech Perspektive vun den Enseignanten aus der Privatschoul geséichert.

Dat Wichtegst ass allerdéngs, dass mir de Lëtze-buerger Schoulssystem unhand vun dësem Projet nach eemol stärken an diversifizéieren.

Dat gesot, wollt ech der ganzer Kommissioun Merci soe fir déi ganz gutt Diskussiounen an och pro-duktiv Diskussiounen a ginn heimadder och den Ac-cord vun der DP-Fraktioun. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och.

An d'Wuert huet direkt déi éischt Riednerin, d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Merci, Här Pre-sident. Ech fänke fir d'éischt u mam Merci un de Rapportier fir säin ausféierleche Rapport.

Ech fänken da beim leschte Punkt un, deen de Rap-porter ugeschwat huet. Dat ass nämlech d'Perso-nal, wat iwwerholl gëtt aus dem Grandjean an den ECG. Dat schéngt eis normal ze sinn. Wann een op deene Klasse weiderschafft, wou een och virdru geschafft huet, da brauch ee keng zousätzlech Kon-ditiounen ze erfüllen. Wann een awer elo op Klasse



schaftt, déi am ECG sinn, da misst een an eisen Aen déi selwecht Konditiounen erfëlle wéi och déi aner Chargéen, déi mir hei zu Lëtzebuerg astelle fir d'Schoulen.

Do waren hin an hier Diskussiounen. Mir haten dat e puermol gefrot. An dat weist mer e bëssen, datt awer e gewësst „Gewurschtels“, soen ech elo emol einfach, do ass, well ech krut ënnerschiddlech Äntwerten. Fir d'éischt krut ech gesot, et wärend déi selwecht Konditiounen. Du krut ech erëm gesot, et wärend net déi selwecht Konditiounen. Et hätt een e bëssen ze fréi geschoss, wéi een d'Äntwert ginn hätt. An du krut ech e Mail mat iergendenger Ausso, déi emol net alles ausgesot huet. An där leschter Sitzung ass erëm eng Kéier confirméiert ginn, datt et awer net déi selwecht Konditiounen sinn.

Ech fannen dat definitiv net gutt. Mir missten iwwerall jiddwereen d'selwecht behandelen. Ben, et geet hei nëmmen ëm aacht Enseignanten, dofir ass et elo net problematesch. Ech hoffen awer, datt fir d'Zukunft an esou Gesetzter opgepasst gëtt.

Deen zweete Punkt, deem ech gäre wëll ervirsträichen, dat ass, datt et fir eis ganz normal a logesch ass an och gutt ass, datt d'Schoul vum Grandjean am ECG opgehall gëtt. Et geet ëm de Commerce, et geet ëm de Management. Dat ass also déi eenzeg Léisung, déi mer hu fir dës Schüler, well se hu kee Gebai méi. Also ass dat eng gutt Léisung, déi mer begreissen.

An dee leschte Punkt, op deem ech wëll agoen, och just ganz kuerz: Den ECG wäert seng Ausbildungs-offer ausweiden. Den ECG ass eng Schoul mat enger ganz gudder Renommée. Dofir begreisse mer och, datt déi Ausbildungs-offer ausgeweit gëtt.

Domadder ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci villmools. An nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Francine Closener (LSAP).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den ECG entwéckelt sech mat dësem Projet de loi konsequent weider, an zwar an déi Richtung, déi mir als LSAP absolutt begreissen, well hei déi ëffentlech Schoul ausgebaut a gestärkt gëtt.

Mat dësem Projet gëtt, wéi de Rapporteur et jo schonn ausfëhrlech beschriwwen huet - a merci dofir -, een Deel vun der Formatiounsoffer aus enger École privée, aus der École Privée Grandjean, an den ECG transferéiert an d'Reprise vum Personal, spréich virun allem vun den Enseignanten, gëtt gereegelt.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Et geet, wéi gesot, ëm déi sougenannten STMG-Formatioun, déi net méi kann assuréiert gi vun der Grandjean an dofir elo an den ECG kënn. Déi Formatioun entsprécht sonner Zweifel de konkreete Besoine vun eiser Ekonomie. An dofir louch et jo och op der Hand, derfir ze suergen, datt se weider ugebuede gëtt, an dat elo am Kader vun enger École publique, wat mer als LSAP bekanntlech vehement vertrieben.

Duerch dësen Transfert gëtt also eng weider Formatioun fir all Mënsch disponibel, an zwar gratis. An der Privatschoul huet een dofir mussen 3.500 Euro d'Joer bezuelen. Elo fällt dëse Montant fort. Dat krute mer an der Kommissioun esou confirméiert. D'Schüler kréie gratis Zougang zu der Ausbildung an enger ëffentlecher Schoul. Esou soll dat sinn!

An dëst ënnerscheet dann och d'Ausbildung am ECG zu aneren internationalen Offeren. Hei gëtt en Diplom, dee vun engem anere Land ausgestallt gëtt, an engem Lëtzebuerger Schouletablisement proposéiert.

Net ze vergiessen awer och, datt duerch dee Projet och d'Reprise vum Personal, vun den Enseignanten notament, garantéiert gëtt.

Net méi spéit wéi d'lescht Woch hu mer jo hei an der Chamber iwwert d'Penurie diskutéiert vun Enseignanten. An deem Kontext wier et jo scho komplett kontraproduktiv, wann net verréckt gewiescht, dës gutt ausgebildeten Enseignanté mat deelweis ganz vill Erfahrung net an déi ëffentlech Schoul respektiv och just fir dës Formatiounen da mat ze integréieren. Mir sollen hei wierklech nu kengem e Steen an de Wee leeën, mee no där beschméiglecher Léisung si-chen! Esou ass dat jo och da vusäit vum Ministère gemaach ginn.

Här President, et ass eng ganz gutt Saach, datt den ECG och seng eegen Offer ausbaut. Zwou nei Sektione gi mat „Finances“ an „Entrepreneuriat et administration“ ugebueden: déi eng am Général, déi aner am Classique. Dat ass am Fong e logesche Schrëtt, well den ECG jo zanter e puer Joer zu den Entrepreneurial Schools gehéiert a sech als Zil gesat huet, Referenzschoul ze ginn am Beräich Entrepreneuriat. Dat ass gutt. Dat ass néideg.

Et ass néideg, datt jonk Leit sech selbstänneg maachen. Mir zéie jo bekanntlech als Land extreem vill

Entreprises an och Startuppen aus der ganzer Welt un, well eis Kaderbedéngungen einfach héich inter-essant sinn. An et wier wünschenswäert, wann och déi jonk Residenten nach méi op de Wee vun der Selbstännegkeet géife goen.

A finalement komme jo dann och nach déi zwee nei BTSen derbäi: een Assistant juridique, ee Gestionnaire financier. Mat dësem Projet kënn et also zu enger méi staarker diversifiéierter ëffentlecher Schoul offer.

Dat ass ganz am Sënn vun der LSAP. Dofir ginn ech och an hirem Numm hei den Accord zu dësem Projet de loi. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Closener. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, mir wëssen et all: Finanzen, Entrepreneuriat an Administratioun, BTS, Gestionnaire financier an Assistant juridique, dat si schoulesch Parcoursen, déi vun der Privatschoul Grandjean an den ECG transferéiert ginn an déi ganz wichteg Formatiounen duerstellen. Se sinn zukunftsgeriicht. Se gi benéidegt a si ganz sécher fir eisen ekonomesche Setting am Land héchst relevant.

D'École Grandjean existéiert säit iwwer 50 Joer an huet sech de Sujete vun den STMG, de Sciences et technologies du management et de la gestion, am franséische Schoulsystem ugehall a bilt doran aus. Leider ginn hir raimlech Méiglechkeeten hinne Limitte vir, soudass déi besote Curriculumme vum ECG iwwerhall ginn.

En änlechen, wann och méi vaste Curriculum couvréiert den ECG säit ville Joren, a mat vill Succès. Oft ass en d'Referenz, wat Ausbildung mat Fokus op Finanzen, Gestoun an Administratioun ugeet, an domat natierlech beschstens outilléiert, fir déi besote Parcoursen unzibidden an ze begleeten.

Den Här Rapporteur, deem ech villmools Merci wëll soen, huet schonn am Detail erkläert, dass d'Personal, dat déi Filiären an der Privatschoul enseigneiert huet, vum ECG iwwerhall gëtt an am franséische Regimm am Lycée enseigneiere wäert.

Mir wëssen all heibannen a mir hunn et och eréischt d'lescht Woch hei debattéiert, dass mer et mat enger Penurie u Léier- a Betreuungspersonal ze dinn hunn. An deem Geescht ass d'Iwwerhuele vun den Enseignanten eng gutt Saach a richtig esou.

Här President, ech ginn heimadder ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Bernard. Da wier et um honorabelen Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Merci, Här President. Jo, ech muss ufänken ... Den ECG ass sécherlech eng Schoul, déi bekannt fir e gudden Niveau ass. An ech mengen, et si jo och eng ganz Partie Leit heibannen, déi am ECG waren. Elo iwwerhëlt den ECG eng frankofon Privatschoul, wou d'Schüler en auslänneschen Diplom kréien a wou ech direkt emol kann einfach d'Fro stellen: Ass dat d'Aufgab vun enger ëffentlecher lëtzebuergescher Schoul?

Ech wëll dann op dat agoen, wat elo grad gesot ginn ass vun der Madamm Closener. Dat huet mech immens gewonnert, well et am Fong den absolute Contraire ass, wat eng sozialistesche Partei während Joerzéngte fir de Schoulsystem gefuerdert huet: eng staark ëffentlech Schoul, dat heescht, e gemeinsame Schoulsystem, wou d'Kanner draginn. An dat heescht net dat heiten! Nämlech dat, wat hei geschitt, dat ass dat, wat d'Gewerkschaften, den SEW och, richtig genannt hunn: dat ass „d'Privatiséierung vun der Schoul zu Lëtzebuerg“, dass mer eng auslännesch Schoul, déi auslännesch Diplomer gëtt, eng Privatschoul, eranhuele mat hiren eegene Proffen, wou d'Kanner, d'Schüler dann net méi an den normale System ginn. Si hunn et esou genannt.

Et stelle sech och nach eng Partie aner Problemer. Et ass gesot ginn „gutt ausgebildeten Enseignanten“. Bon, ech sinn d'accord: Et sinn der just aacht. Mir ginn deene Leit eng Perspektiv, mee wat heescht „gutt ausgebilt“? Ech soen ëmmer: Wann en Enseignant manner Sproochekenntnisser huet wéi e Kand, wat op enger Sixième am lëtzebuergesche Schoulsystem ass, dann ass en net gutt ausgebilt hei zu Lëtzebuerg. Mir sollen derfir suergen, dass déi Leit, déi zu Lëtzebuerg Schoul halen, alleguer d'Amtssproochen op engem ganz héijen Niveau maîtresieren. An dat ass hei net de Fall.

Elo kann een nach soen: „Ok, et ass jo sporadesch, mir mussen déi elo ophuelen, mir mussen eng Perspektiv bidden, soss sinn déi verluer.“ Mee hei gëtt natierlech elo erëm eng weider Filière gebilt, och nach frankofon, dat heescht, wou d'Schüler manner Sproochen hunn. Et ass erëm eng Zersplitterung vun eise Schoulsystem. An dat ass eppes, wat eiser Gesellschaft net zeguttkënn a wat och de Kanner spéiderhin net zeguttkënn.

An dann nach eng Ongerechtegkeet, déi besteet, well de System hei dach awer par rapport zum traditionelle lëtzebuergesche System ongerecht ass, well e méi einfach ass: Déi Schüler hei maachen e Joer manner. Si mussen manner Punkten hunn, fir do eropzekommen. Do gëtt et jo Ufuerderungen, déi ee muss dann hunn op Cinquième, fir op eng Quatrième ze kommen an deem dote System. Déi si manner héich. A si mussen manner gutt an de Sprooch sinn.

Dat ass eng Ongerechtegkeet. An dorops komme mer de Mëtten nach zrëck, wa mer iwwert déi international Schoule schwätzen. Et ass den Nivellement vers le bas. An hei geet den Niveau och erëm eng Kéier of.

Dofir stëmme mir natierlech hei dergéint.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Keup. Da wier et un der honorabelen Madamm Myriam Cecchetti.

(**Interruption par Mme Francine Closener**)

Fir d'éischt wëllt d'Madamm Closener lech awer nach eng Fro stellen.

■ **Mme Francine Closener (LSAP).** - Jo, wéinst Fait personnel. Här Keup, ech wollt lech just soen, datt d'LSAP nach ëmmer fir d'ëffentlech Schoul agetrueden ass an och weiderhi fir d'ëffentlech Schoul antrëtt an datt hei jo just de Contraire geschitt. Hei geschitt jo grad keng Privatiséierung, well déi Kanner, déi bis elo am Grandjean 3.500 Euro hu mussen bezuelen, dat elo net méi mussen maachen an et en plus accessibel ass fir jiddereen.

Dofir, ech mengen, mir hunn e bëssen eng aner Vue vun deem Projet de loi.

(**Interruptions diverses**)

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Nee, nee. Ech mengen, dass Är Kollege vum SEW do ganz Recht hunn. D'Fro ass jo déi heiten: Firwat ginn déi Kanner, déi am Grandjean sinn, dann net an déi normal ëffentlech Schoul wéi déi aner och?! Dat ass d'Fro, déi ee muss stellen.

An ech mengen, dass, wann een als LSAP systematesch während Joerzéngte géint d'Privatschoule war an hei ... Ok, hei gëtt keng Privatschoul ofgeschafft. Si gëtt einfach institutionaliséiert! Se gëtt eriwwegehall.

(**Interruption**)

Et muss een näischt méi bezuelen, mee et ass awer e Système à part! Et ass Zersplitterung!

■ **Une voix.** - Verstaatlecht gëtt se!

■ **Mme Francine Closener (LSAP).** - Se gëtt verstaatlecht. Et ass just deen anere Wee, Här Keup. Just deen anere Wee!

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Nee, et ass d'Privatiséierung, déi erakënn an de Lëtzebuerger Schoulsystem!

■ **M. Claude Lamberty (DP), rapporteur.** - Wat hätt Dir da mat de Kanner ...

■ **Une voix.** - Verstaatlechung ass et!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech mengen, et gëtt Zäit, datt et elo un der Madamm Myriam Cecchetti ass.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dat ass, wann een de Projet de loi net versteet.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - E war halt op Franséisch.

■ **M. Claude Lamberty (DP), rapporteur.** - Très bien! Et ass net ze gleewen!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Madamm Cecchetti, et ass un lech.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Et muss een nach desinfizéieren.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Marc, wannechge-lift.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Hien (ndlr: Den Här Keup) war nach eng Kéier zrëckkomm.

(**Désinfection du pupitre**)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Wann déi aner Leit et mussen maachen, da mussen mir eis och drun halen. Entschëllegt, mee da mussen mer eis drun halen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Selbstverständlech. Do, wou Der Recht hutt, hutt Der Recht.

■ **Une voix.** - Jo, jo.

■ **Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk).** - Merci, Här President. Här President, léif Kollegen a Kolleginnen, haut stëmme mir iwwer e Schoulprojet of, deen alt nees eis Lëtzebuerger Schoullandschaft e bësselchen zerstückelt. Nees erfanne mir hei Hy-perspezialisatiounen, déi geziilt just op ee Marché, nämlech dee vun der Finanzplaz, deem mir, dat ass jo kee Geheimnis, ganz krätesch géigeniwwerstinn, zilen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics schreift dëst iwwregens och an hirem Avis. Derbäi kënn dann och nach d'Opdeelung vun dësen neie Sektioneen an zwee verschidde Parcoursen. D'Sektione „Finances“ gëtt et nëmmen am Kader vum Enseignement secondaire général an d'Sektione „Entrepreneuriat et administration“ gëtt just am Classique ugebueden.

Mir froen eis, wat do den Ënnerscheid ass, ob dat eent zu méi féiert wéi dat anert, a firwat dann net en-visagéiert ginn ass, Passerellen ze erméiglechen. Déi Fragmentatioun vun der schoulescher Offer ass an eisen Aen zimmlech problematesch, well se vun Ufank un Inegalitéite schafft, déi sech dann och an der Aarbechtswelt erëmispigelen. Mee wie wonnert et?

Hei gëtt d'Schoul genee deene Reegelen ënnerstallt, déi och um Marché gëllen: Konkurrenz, Kompetitivitéit a Segmentéierung. Mir hätte léiwer, déi schoulesch Orientéierung géif méi spéit an déi professionell a spezifesche Parcoursen iwwergeen, nämlech dann, wann d'Schüler vun allem e bësse matkritt hunn a sech kéinte fräi no hire Krittären dohinner orientéieren, wou si wëilten.

Den Tronc commun vum Fondamental bis an déi éischt Jore vu Secondaire géif dat alles besser erméiglechen, an dat, ouni datt deen ee Parcours iwwert deem anere géif stoen an dowéinst dann net déi selwecht Chancen op eng gutt Ausbildung an Aarbecht kënnen gebuede ginn.

Här President, nieft dësem Punkt gëllt et dann awer och, den organisatoresche Volet ze analyséieren. Hei schafe mir an engem Schoulgebaier eng Hellewull Sektioneen, Ordre-scolairen an divers Karriären, wat d'Enseignanten ugeet. Nees brauche mir ganz spezifesche ausgebildeten Personal, wou mir jo schonn eng Penurie hunn an net wëssen, wou mer se hierkréie solle respektiv si sech emol net kënnen adequat weiterforméieren, well d'Zäit immens knapp ass.

Bei all deem, soll dann och nach d'Privatschoul Grandjean integréiert ginn, wat mir allerdéngs begreissen. Dës Enseignanten hunn e ganz anere Statut a sollen awer elo, wat mir och ganz staark begreissen, deenen nammlechte Konditiounen ënnerstoe wéi hir Aarbechtskolleg/innen.

Dowéinst hunn awer missen Derogatiounen geschafe ginn, well hir Sproochekenntnisser net deenen entsprechen, déi an enger ëffentlecher lëtzebuergescher Schoul gëllen. Si kommen nämlech aus engem Enseignement francophone, wou d'Diplomer och ganz kloer deem franséische Modell ënnerstinn.

Här President, fir eis sinn dës zwee Voleten, déi solle votéiert ginn, déi u sech net vill mateneen ze dinn hunn:

Dat eent ass d'Integratioun vum Personal vun der École Grandjean an de Lëtzebuerger Regimm vun der Fonction publique an d'Integratioun vun der École Grandjean mat hirem Programm an hire Schüler a Gebailechkeete vum ECG. Also de Privé gëtt an de Public integréiert, wat ze begreissen ass. Mir hu mat deene Konditiounen vum Gesetz iwwerhaupt kee Problem.

Dat anert awer concernéiert d'Diversifizéierung vun der Schoul offer, nom Prinzip vun der Autonomie vun de Lycéén. An hei si mir skeptesch a virsiichteg. Well net all x-belibeg Sektione mécht Sënn, am Hibleck op déi zukünftige gesellschaftlech Erausforderungen. Déi vill Spezialisatiounen, de Saucissonnage vun Schoulwiesen entsprécht net enger Visioun vun engem moderne Bildungssystem, wou e méi transversaalt, vernetztend Denke soll geléiert ginn, wou de Fuerschergeescht soll geféiert ginn, wou d'Hypotheesenopstelle soll geléiert ginn, wou Problemléise soll am Mittelpunkt stoen, wou eng gewësse Kreativitéit gefrot a gefuerdert ass.

Gläichzäiteg muss een awer och bemierken, datt Schüler mat ganz spezifeschen Ausbildungen oft manner Chance op eng Aarbechtsplaz hu wéi e sougenannten „Allrounder“. Dofir wollte mir eis bei dësem Projet enthalten.

Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Cecchetti. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, och mir Piraten wäerten dës Projet, deem d'Integratioun vun neie Sektioneen am ECG virgesäit, matstëmmen.

Ech hat am Ufank vun der Legislatur net geduecht, datt ech eemol erliewen diert, datt grad e liberalen Educationsminister eppes verstaatleche géif. Ze grouss war dach d'Kritik an der Vergaangenheet ëmmer, e géif alles privatiséieren! An elo stinn ech hei an ech kann de Feu vert ginn, fir eng Schoul ze verstaatlechen. Heiansdo spillt d'Liewen dann awer komesch Spillercher mat eis. Dat erkläert dann och vläicht, firwat mindestens ee Kolleg heibannen den Ënnerscheid zwëschent der Verstaatlechung an der Privatiséierung net verstanen huet.

Et ass wichteg, de Schülerinnen a Schüler aus dem Lycée Grandjean eng Méiglechkeet ze ginn, hire



schoulesche Parcours fäerdeg ze maachen. A mir freeën eis och, datt d'Personal aus dem ale Lycée am ECG wäert iwwerholl ginn. Den ECG bitt elo schonn ganz villfältig Formationen un an elo wäerten eeben nach e puer nei Sektionen an Diplomer derbäikommen. Dorënner och eng Formation, déi zu engem auslänneschen Diplom féiert.

Generell ass et ze begrëssen, wa Schülerinnen a Schüler verschiddenst Formationen ugebuede kréien, fir jidderengem eng Ausbildung ubidden ze kënnen, déi bei seng Interessen a bei seng Kompetenze passt. Trotzdeem muss d'Politik awer och oppassen, de Jonken net duerch eng fréizäiteg Spezialisierung schonn ze fréi d'Méiglechkeeten ze huelen, wat eng eventuell Émorientierung als jonken Erwuessenen nach eng Kéier ugeet.

Lëtzebuerg bitt schonn um Niveau vum Secondaire ganz vill Spezialisierungen un, wat am Ausland esou net ëmmer de Fall ass. Dat kann nämlech dann derzou féieren, datt eis Schülerinnen a Schüler, wa se an deem Beräich, an deem se sech spezialiséiert hunn, e Studium ugin, am éischte Joer séier mierken, datt si a puncto Grondwësse par rapport zu hire Matschülerinnen a -schüler aus anere Länner oder vun anere Sektionen eng exzellent Basis hunn.

Ech selwer erënnere mech drun, wéi meng däitsch Kolleeginnen a Kolleegen op der Uni an der Mathe für BWLer geschweest hunn, well se grondleeënd Konzepter nach net gesinn haten, déi hei zu Lëtzebuerg awer op enger ganzer Rëtsch Sektionen am Lycée enseignéiert goufen. Do war de Problem dann éischter deen, fir vum franséischen Term op déi däitsch Terminologie ze kommen. Ech erënnere mech nach ëmmer, wéi ech déi éischt Stonn do souz an de Proff vun „Ableitung“ geschwat huet an ech hunn nëmme Bahnhof oder Gare verstanen, well mir dat nun emol als „Dérivée“ an net als „Ableitung“ kann hunn. Dat sinn déi Problemer, do kennt ee séier driwwer ewech, an dann huet een eng exzellent Basis.

Ze mengen also, datt de lëtzebuergesche Schoul-system net exzellent préparéiere kann, dat gräift ze kuerz. Se mussen awer natierlech heiansdo - an dat grad, wa se sech ze fréi spezialiséiert hunn - an engem neie Fach vill opschaffen, soudatt se déi Spezialisierung heiansdo och erëm verléieren. Se mussen eppes opschaffen, well hinne Grondwëssen an anere Beräicher feelt.

Dofir ass et wichteg, datt mer déi Jonk vun Ufank un iwwer hir Optiouen, awer och d'Konsequenze vun hire Choixen informéieren, fir esou sêcherzestellen, datt wirklech just déi Jugendlech sech fréi spezialiséieren, déi och fréi erkannt hunn, wat hir Passioun ass. Fir déi aner musse mer och weiderhin nach méi allgemeng Sektionen ubidden, déi erlaben, sech eréischt nom Secondaire wirklech ze spezialiséieren.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun de Piraten a wënschen de Schülerinnen a Schüler aus dem ECG an dem ale Lycée Grandjean elo emol eng schéi Vakanz an dann eng erfollegräich Rentrée 2021/2022 an engem neie Kader. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsmi-nister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll virun allem dem Rapporteur Merci soen, dem Claude Lamberty, awer och all deenen aneren, déi hei inter-venéiert sinn.

Mat dësem Gesetzesprojekt wäert d'Bandbreit vun de Formationen, déi den ECG ubitt, nach eng Kéier verbreedert ginn, eng Schoul, déi jo traditionsgemeiss ganz staark ausbildt fir den ekonomesche Secteur, awer och fir Administratiounen - muss ee wëssen -, fir eis Finanzplaz, an dat op ganz ënnerschiddlechen Niveauen, wéi d'Première aus dem Enseignement secondaire général, an Zukunft och aus dem Enseignement secondaire classique, an och BTSe si wuel bekannt. An elo kennt dann och nach e franséischen Diplom derbäi: den STMG.

Gläichzäiteg ass et awer hei esou, datt mer déi Integ-ratioun vun der École Privée Grandjean virhuelen, wat sécherlech nach eng Kéier eng Stärkung vun der ëffentlecher Schoul ass - eng ëffentlech Schoul, déi breet opgestallt ass, déi vill ënnerschiddlech Formationen bitt, déi eigentlech Formationen bitt fir jiddereen hei am Land, datt een eng fair Chance huet, och e gudden Diplom kënnen ze maachen. Dat ass den Optrag vun der ëffentlecher Schoul. Mat dësem Gesetzesprojekt hält se deen och nach eng Kéier méi staark wouer.

Villmools Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7565. Den Text steet am Document parlementaire 7565^o.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7565 et dis-pense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 54 Jo-Stëm-men, 4 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gilles Baum), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Pim Knaff), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup).

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 7834 - Projet de loi du *** portant déro-gation à l'article 6, alinéa 4, de la loi modi-fiée du 6 février 2009 concernant le per-sonnel de l'enseignement fondamental

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7834 iwwert d'Leierpersonal am Enseignement fondamental. Mam Accord vun der zoustänneger Kommissioun gëtt no der Presenta-tion vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. De Rapporteur vun dësem Projet de loi, den Här Gilles Baum, steet scho prett, fir säi Rapport ze maachen. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

■ **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et ass och e Projet, dee mer d'lescht Joer schonn haten. Et geet drëm, dass déi nei Schoulmeeschteren an déi nei Leierinnen, déi nom Examen-concours, dee se musse maachen, a sech och do klasséieren, an e Stage zougelooss ginn am Fondamental.

Fir an dee Stage zougelooss ze ginn, muss een dräi Certificate weisen. Dat Éischt ass, dass een en Éischt-Hëllef-Cours gemaach huet. Dat Zweet ass, dass een de Schwamm brevet gemaach huet. An deen drëtte Certificat ass, dass een 80 Stonnen aus-serhalb vun der Formation vum Schoulmeeschter mat Kanner geschafft huet.

Duerch d'Pandemie waren eis Schwämme laang zou an och d'Formationszentere waren zou, sou-dass et schwéier war fir déi jonk Dammen an déi nei Schoulmeeschteren, effektiv dann de Rettungs-schwëmmer- an den Éischt-Hëllef-Cours ze maachen. Dofir gëtt proposéiert, dass se dat kéinte maache bis un d'Enn vun hirem Stage.

Dat heescht, dat éischt Joer, wou se an der Schoul sinn, hu se d'Geleeënheet, fir den Éischt-Hëllef-Cours an och de Brevet fir de Schwëmmer ze maachen. Dat war d'lescht Joer och schonn esou an et gëtt och dëst Joer an dësem Projet proposéiert, fir dat wei-derzeféieren. Et versteet sech vum selwen, dass se natierlech dann, wa se de Schwamm brevet net hunn, och net kënnen mat hirer Klass schwamme goen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Baum.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7834. Den Text steet am Document parlementaire 7834³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7834 et dis-pense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gilles Baum), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Pim Knaff), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Georges Engel), Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fred Keup) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 7800 - Projet de loi du *** portant créa-tion d'un lycée à Mersch et modification :

1^o de la loi modifiée du 22 juillet 2008 portant création d'un lycée à Junglinster ;

2^o de la loi modifiée du 13 juin 2013 portant créa-tion d'un lycée à Clervaux ;

3^o de la loi modifiée du 26 février 2016 portant création d'une école internationale publique à Dif-ferdange ;

4^o de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés en-seignants des lycées ;

5^o de la loi du 13 juillet 2018 portant création d'un lycée à Mondorf-les-Bains ;

6^o de la loi du 19 décembre 2020 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2021

Mir kommen elo zum Projet de loi 7800 iwwert d'Kreatioun vun engem neie Lycée an der Mierscher Gemeng. D'Riedezäit ass nom Basismodell festge-luecht. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

■ **M. Claude Lamberty (DP), rapporteur.** - Villmools Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ënnert dem Slogan „Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“ huet den Educationsmi-nistère an deene leschte Jore grouss Efforte gemaach, fir d'Offer vun Lëtzebuurger Schoulsys-tem breetgefächert ze diversifiéieren.

Fir eise Kanner a Jugendlechen déi beschtméiglech Zukunftschancen ze bidden, musse mir eise Schoulsystem och ëmmer erëm ganz geziilt un d'Besoinen upassen. Mir brauchen dofir eng breet gefächert Offer u Schoulprogrammer, wou all een-zelne Schüler seng Plaz féint, seng Talenter kann ënner Beweis stellen an natierlech och déi Talenter kann ausbauen.

Haut läit den Accent jo op der Kreatioun vun enger ëffentlecher Europaschoul am Raum ... oder, fir ganz konkret ze sinn, zu Miersch. Wou kennt déi Demande hier?

Säit dem Ufank vum neie Joerdausend ass d'Unzuel vun auslännesche Residenten zu Lëtzebuerg expo-nentiell an d'Luucht gaangen. Dës Entwécklung ass virun allem op d'Néierloosung vu groussen aus-lännesche Firmen, Banken, Investmentfirmen, inter-nationalen Institutionen an esou weider zréckze-féieren. An deem Kontext huet sech natierlech och d'Schoulpopulatioun zu Lëtzebuerg verännert an ass mat neien Erausforderungen, déi dës Interna-tionaliséierung mat sech bréngt, konfrontéiert.

Deelweis gëtt dës schoulesch Erausforderung fir d'Kanner geléist duerch d'Aschoulung an eng inter-national Schoul. „Firwat?“, kann een elo froen. Den Ënnerscheid tëscht der Mammesprooch vun de Schüler an der Sprooch, déi am Unterrecht benotzt gëtt, ass nämlech eng vun den Haaptursaachen, fir-wat d'Kanner vill oder eeben och manner Léier-schwierigkeeten hunn, respektiv wéi licht si sech dinn an hirem ganze Schoulparcours.

Et geet also drëm, d'Startchancen an d'Zukunfts-perspektive vun de Kanner als Grondlag vun den Iwwerleeungen ze gesinn. Mir profitéieren als Land enorm vum Knowhow vun de Leit, déi quasi vun de fënnef Kontinenter op Lëtzebuerg schaffe kommen, an dat a ganz ënnerschiddleche Beräicher.

Mir wëssen awer och, dass mir besonnesch um Sproochenniveau déi Kanner viru grouss Erausfuer-derunge stellen a mussen duerfir Léisunge sichen, fir dass déi Kanner net dru scheiterten, dass si sech an där enger oder anerer Sprooch schwéier, jo ganz schwéier dinn an duerfir manner gutt Zukunft-schancen hunn.

Et ass duerfir och net erstaunlech, dass d'Demande vun Elteren no Plaze fir hir Kanner an enger interna-tionaler Schoul ëmmer méi grouss gëtt. Bis viru Kuerzem goufen déi international Schoulprogrammer allerdéngs just a private Lycéeën ugebueden, déi sech an éischter Linn u Kanner riichten, déi nëmme fir eng ganz kuerz Zäit zu Lëtzebuerg an d'Schoul ginn.

Opgrond vun Aschreiwungskäschten an och de Selektionskrittäre sinn dës Privatschoulen net fir all Mënsch accessibel. Fir de Besoine vun eiser ëm-mer méi heterogeener Schoulpopulatioun gerecht ze ginn, huet den Educationsministère am Joer 2016 dunn déi éischt ëffentlech Europaschoul - an dat zu Déifferdeng - gegrënnt. An dat, dat kann een haut soen, mat grousssem Erfolleg a mat nach méi grousser Nofro.

2018 hunn du schonn dräi weider ëffentlech inter-national Schoulen hir Dieren opgemaach: Dat war d'École internationale zu Klierf, d'École interna-tionale zu Munneref an de Lënster Lycée Internatio-nal School, eeben halt zu Jonglënster.

D'Zil vun den internationale Lycéeën ass et also, eng weider Offer fir d'Schüler am Land unzebidden, fir hinnen esou besser Chancen op e gudde Schoul-ofschloss ze erméiglechen a soumat hir beruflech Zukunft och kënnen ze sécheren.

Här President, dëse Projet de loi proposéiert, eng fënneft ëffentlech Europaschoul zu Lëtzebuerg ze implementéieren. An deem Kader soll en neie Lycée zu Miersch gebaut ginn, deen nom Modell vun enger Ganzdagsschoul fonctionéiert an deen den Numm „École internationale Mersch Anne Beffort“ wäert droen. Dëse Lycée wäert, genee wéi all aner ëffentlech Schoul, vun der Education nationale ënnert dem Regimm vum modifizéierte Gesetz vum 25. Juni 2004 falen.

Dat Speziellt un dësem Lycée ass allerdéngs, dass nieft den traditionelle Schoulprogrammer och Sek-tiounen vun internationalen Enseignement wäerten ugebuede ginn. Dëse Projet de loi gesäit nämlech vir, eng ëffentlech Europaschoul an d'Gebai vun neie Lycée ze integréieren.

Weinst senger zentraler Lag a sengen demo-graphesche Charakteristike gouf d'Gemeng Miersch als ideale Standuert fir déi nei Schoul zréck-behalen.

D'École internationale Mersch Anne Beffort wäert nom System vun den agreéierten Europaschoule fonctionéieren. Konkreet heescht dat, dass d'Schoul souwuel déi national wéi och déi europäesch Vir-schrëfte respektéiere muss.

Während d'Administratioun, d'Finanzéierung an d'Per-sonal ënnert d'Responsabilitéit vum Educationsmi-nistère falen, ginn d'Programmer, d'Horairen an d'Di-plomer vun der europäescher Konventioun iwwert d'Europaschoule regléiert. Et ass allerdéngs wichteg ze erwänen, dass d'Schoul gewësse Fräiheeten huet, fir den Inhalt vun hire Programmer kënnen ze gestal-ten. E besonnesche Fokus soll och op d'Leiere vun der Lëtzebuurger Sprooch geluecht ginn.

Aus dësem Projet de loi geet ervir, dass d'Schüler vun der Grondschoul a vum Secondaire obligato-resch lëtzebuergesch Coursen ugebuede kréien. Hei dernieft sollen och Léierunitéiten iwwert d'Lëtzebuurger Geschicht, Geografie, Kultur a Lite-ratur ugebuede ginn, fir d'Integratioun vun den aus-lännesche Schüler an d'Lëtzebuurger Gesellschaft ze féerden an ze vereinfachen.

D'Offer vun der neier Europaschoul riicht sech aller-déngs net just un auslännesch Schüler, mee och u jonk Lëtzebuurger, déi un enger internationaler Aus-bildung interesséiert sinn. D'Schoul ass op fir jidder-een a bitt dräi verschidde Sproochesektionen un. An enger éischter Phas wäerte fir d'Rentrée 2021/2022 zwou franséisch Klassen, zwou däitsch Klassen an eng englesch Klass am Secondaire, fënnf Preparatiounsklassen an eng Classe d'accueil ugebuede ginn. Ab der Rentrée 2022/2023 sollen dann och nach Klassen am Fondamental derbäikom-men.